Luc Marteling

## Kultur a Politik, Konscht a Commerce, Focuna a Frick

# E Chouer, deen nervt, an e Flaneur, dee jalous, inculte a kommerziell ass, ...

… zerwéieren Iech e puer essayistesch a feuilletonistesch Gedanken iwwer en Domaine, an deem si nolens, volens aktiv wéi passiv ënnerwee sinn, vun deem si awer trotzdem näischt verstinn.

Uff! ‘t gi jo Leit, déi bezeechnen 1995 als d’Joer null vun der Lëtzebuerger Kultur. Oder der Kulturpolitik. Oder dem Kulturbewosstsinn. Dir erënnert Iech: Lëtzebuerg war deemools fir d’éischte Kéier Europäesch Kulturhaaptstad. Ech mengen, deen Titel gëtt nawell iwwerschat; dat ass och d’Resultat vun enger geneesou inevitabeler wéi nerveger Ex-post-Glorifizéierung à la „Wat ware mir fréier cool“ oder „Wat hate mir deemools Couillen“. Ma vläit war fréier wierklech alles besser. Huele mer nëmmen d’Joer 1999: Bis viru Kuerzem war et wuel just grousse Konscht- oder Kultur- oder dach éischter Politik-Insider bekannt, datt dat eigentlech eng „année charnière“ vun eiser Kulturpolitik war: Deemools huet de Grand-Duché nämlech – zack, zack – e Picasso kaaft. Nee, keen Auto, en Tableau! Fir déi Peanuts vu sechs Milliounen Dollar. Nodréiglech also nach e Merci un deen, deen derfir gesuergt huet, datt de *Paysage de Cannes au crépuscule* iergendwéi getéitscht gouf, esou datt de Staat entscheet huet, en direkt ze kafen, amplaz e fir deier Sue flécken ze loossen.

*Chouer: Und die Muse küsste Luxemburg!*

Wéi elo am Kader vun den als Zukunftspak deguiséierte Spuermesuren haart iwwert eng Vente vum Picasso nogeduecht gouf, Gedanken, déi anscheinend och schonn d’Virgängerregierung hat, hu verschidde Meeschtere quasi eng „Götterdämmerung“ komme gesinn. Si si sech virkomm, wéi an engem Land vu lauter Dëlpessen. Bon, elo huet eis kulturfetichistesch Regierung trotz ellen eidele Keesen decidéiert, de Picasso ze halen. Nëmme ganz béis Zonge behaapten, e wier just aus deem Grond net verkaaft ginn, well en eben net kaaft gouf – ma dat ass en Detail. Souwisou huet Konscht kee Präis, mä just e Wäert. A well d’Konscht jo, wéi mer all wëssen, mam Picasso opgehalen huet, hu mer de justesse nach d’Kéier kritt: also awer keng Kulturbanausen, keng Dëlpessen, keng Götterdämmerung (just e Sonnenënnergang). Merci also nach eng Kéier deem, deen de Picasso geschréipst hat: Hien huet den Deal „Mouke géint Konscht“ iwwerhaapt eréischt méiglech gemaach a mir konnten eis d’Kultur kafen.

*Chouer: Kultur kafen? Kultur kafen? Kultur kafen?*

Merde, mir sinn eis jo eens: ‘t kann ee sech Kultur net erkafen. Ma heescht dat net ëmgedréit och, datt ee seng Kultur guer net ka verkafen?

*Chouer: „La culture, c’est ce qui reste dans l’esprit quand on a tout oublié.“*

Dëst (apokrypht?) Zitat vum franséische Politiker Édouard Herriot verdäitlecht d’Spannungsfeld, an deem mer eis bewegen: d’Verhältnis vun der Konscht zum Konschtwierk, vum Gedanken zum Ausdrock, vun der Botschaft zum Support. An hirer *Dialektik der Aufklärung* hu sech Horkheimer an Adorno ënnert dem Stéchwuert „Kulturindustrie“ mat dësen zwou Säite vun enger Medail beschäftegt; déi kommerziell Produktioun an hir Vermaartung op där enger an déi authentesch Konscht op där anerer Säit. De Problem bei dëser deels ganz pertinenter Ënnerscheedung ass, datt dacks authentesch Konscht à l’origine vun enger kulturindustrieller Entwécklung steet an datt sech den Akt vun der authentescher Kreatioun a vun der kommerzieller Verwäertung net per se ausschléissen – bien au contraire!

---

Den Luc Marteling schafft als Journalist fir RTL.lu. Hien huet ënnert anerem bei den Éditions Saint-Paul Kannerbicher *(Lalumi)* a bei den Éditions Guy Binsfeld Sachbicher *(Luxemburg in der Welt)* publizéiert. 2013 huet hien zesumme mam Christiane Kremer a Viviane Leytem de Verlag Kremart Edition gegrënnt.

Fir eng staatlech Kulturpolitik bedeit dat, datt si sech entscheede muss: Ënnerstëtzen ech éischter d'Genèse vun der Konscht oder awer hir Proliferatioun? Oder awer béides a Moossen, well ech jo duerchaus argumentéiere kann, datt Konscht, déi guer net accessibel ass, aus gesellschaftspolitescher Perspektiv net vill bréngt oder zumindest net verdéngt, vun der Allgemengheet subventionéiert ze ginn. „L'art pour l'art" ka (populär)politesch problematesch sinn! Ergo: Ech kann egal wéi net just Leit ënnerstëtzen, datt se a well se produzéieren, ech muss och derfir suergen, datt et Plazen a Supporte ginn, op deene si sech produzéiere kënnen. Dat kënnen déck, dichteg Gebaier fir Spektakele sinn oder dënn, dichteg Pabeierbléck fir Gedichter oder Geschichten.

Leider zeechent sech dëst Verhältnis gären duerch eng grouss Diskrepanz aus: Grouss Haiser mat groussem Staff sinn net nëmmen deier, wa se gebaut a fonctionnéiere gelooss ginn, et ass och deier, se ëmmer rëm mat Liewen ze fëllen. An dat si laangfristeg Käschten – hunn ech méi däers engen, hunn ech logescherweis och méi däers aneren. Näischt géint eng dezentral Kulturfërderung, ma et ass eng berechtegt Fro (vun an u Politiker), ob nieft dem Public net och de Budget vun der Offer iwwerfuerdert ass. Derbäi kënnt, datt vill vun dësen Institutioune jo an totaler Ofhängegkeet vun der ëffentlecher Hand stinn – de Staat oder d'Gemeng bezilt, dernieft ginn et nach e bësse Sue vu Sponsoren (dacks och politesch gesteiert) an nach vläit e puer Grimmele vun Entréesticketen.



*Chouer: Du bass also fir eng economesch Konschtausriichtung?*

Datt mer eis net falsch verstinn: Ech hu guer kee Problem domat, datt verschidde Kulturinstitutiounen vum Staat ofhänken. Ech géif et souguer dramatesch fannen, wann am Kulturberäich sech op eemol alles rechne misst.

Gläichzäiteg hunn ech och kee Problem domat, wann am Konschtbetrib och kommerziell geduecht gëtt. Et ginn eben Ausstellungen a Muséeën an Ausstellungen a Galerien. Déi eng wëlle Leit bei d'Biller bréngen, déi aner Biller bei d'Leit. Béides ass legitim.

Trotzdem verhënnert dat net, datt d'Verhältnis tëscht deenen zwou Welten ëmmer nees diskutéiert, analyséiert, kritiséiert, perturbéiert gëtt.

*Chouer: Nach Golde drängt, am Golde hängt doch alles.*

Kloer geet et ëm Frick. An zwar op béide Säiten, dat dierf een ni vergiessen! Selwer vill z'inculte, grouss Theorien iwwert dat dialektescht (?) Verhältnis vun dësen zwee Secteure vun där binärer Welt ze schmäissen, fannen ech et awer normal, datt op béide Säite Sue gesammelt ginn – déi eng zapen éischter de Staat un, déi aner éischter d'Bevëlkerung oder d'Privatwirtschaft.

Ech selwer sinn dacks jalous, jo, ech ginn et zou, wann ech gesinn, wéi eng flott Invitatioune fir hir Evenementer sech verschidde Kulturinstitutioune leeschte kënnen – gefaalt, gestanzt, gediebelt, geprägt, gebutt a wat weess ech net nach alles. Oder wat fir opulent Bicher si opleeën, fir e klengen Anniversaire a vrun allem sech selwer ze feieren. Dacks ass Näid jo déi héchste Form vun Unerkennung. Villäicht

spillt dat och hei mat. Villäicht spillt awer och d'Fro mat: Wat soll dat do kascht hunn? Ganz dacks wëll ech et léiwer net wëssen. Ech berouege mech dann domat, datt jo vläit op extern Hëllef zeréckgegraff gouf. Dat huet et zwar da wuel nach e gudde Krack méi deier gemaach, ma ëmmerhi goufen d'Suen dann an den zwou Kultur-Welte verdeelt.

*Chouer: Apropos verdeelen … Divide et impera?*

Verdeelen ass eng dankbar a gläichzäiteg ondankbar Aufgab, well dat, wat deen ee kritt, kann deen anere jo net méi kréien. De Schlëssel kann also ni perfekt sinn: Et ass ni gerecht an ni genuch! Ëmmerhi gëtt et iwwerhaapt eppes.

A wéi eng Richtung de Ministère an Zukunft geet, entzitt sech menger Kenntnis. Ech wënschen him awer „bonne chance" bei dëser Quadratur vum Krees, gëllt et dach, esou vill ze vereenen – Konscht vu fréier, Konscht vun haut, Konscht vu muer; chevronnéiert Acteuren, promettös Newcomer; klassesch Haiser, modern Haiser; al Institutiounen, nei Institutiounen; Bäibehale vun Traditiounen, Ofschneide vun ale Wutzen; staatstragend Ausdrocksforme genee sou wéi subversiv Expressiounen … Ech wënschen e gesonde Mënscheverstand, en oppene Geescht an e breede Réck ;-)

An Däitschland hu si lo decidéiert, eng olympesch Sportaart net méi z'ënnerstëtzen: Curling. „PDG", géife meng Kanner soen. „Pech, domm gaang." Et wieren eben net genuch Mëttel do, fir alles ze pushen. Nom Motto: Mir hunn eng bestëmmte Quantitéit u Sprit, domat kënne mer eng Rakéit op de Mound schécken. Wa mer der awer elo zwou do stoen hunn a mir fëlle jiddwer Rakéit den Tank just bis zur Halschent, da si mer zwar gerecht, ma ukommen deet da keng …

Ass dat e Virbild fir Lëtzebuerg? Just nach e puer Auserwielter z'ënnerstëtzen? Just nach bestëmmte Konschtrichtungen ze fërderen? Keen Danz méi, dofir awer vläit e bësse Parcours? Keng Pop-Musek méi, just nach Klassik? Keng Kuerzgeschichten, ma just nach Poèmen? Oder guer keng Literatur méi?

*Chouer: Pabeier ass jo gedälleg …*

Natierlech ass dat eng Iwwerleeung wäert. Haut ka jo all Mënsch alles selwer verleeën a publizéieren an diffuséieren an am Internet ass jo souwisou alles gratis. Firwat also nach „richteg" Bicher maachen? Ausserdeem kann ee jo nach ëmmer engem Mäzen hannen erakrauchen, à l'américaine. Et soll just herno w.e.g. kee meckeren, wa mer d'Onofhängegkeet vun der Konscht um Altor geschluecht hunn. (Oder ass eng total Ofhängegkeet vun der Konscht eng conditio sine qua non fir rëm zu enger authentescher „Kultur mat Aura" zeréckzekommen, déi dann nees eng „Subliméierung" méiglech mécht?)

**A wéi eng Richtung de Ministère an Zukunft geet, entzitt sech menger Kenntnis. Ech wënschen him awer „bonne chance" bei dëser Quadratur vum Krees,**

Paradoxalerweis gesinn ech also an der staatlecher Ënnerstëtzung fir d'Kultur och e Garant fir hir Onofhängegkeet. Wéi déi elo ze deklinéieren ass, doriwwer soll roueg gestridde ginn. Eng Kulturzeen, déi sech eens ass, ass keng.

Eens sinn ech mer awer, wat d'Aarbecht vum Fonds culturel national ugeet – D'Transparenz vum Focuna fannen ech voll cool! … je suis au regret de vous informer que le comité directeur du Fonds culturel national ne s'est pas vu en mesure […] de donner une suite favorable à votre demande d'aide financière dans l'intérêt de votre projet de livre sur … hunn ech an der Zäit méi ewéi eemol musse liesen. Ouni weider Erklärung. Iergendwéi hu mech déi op ee Saz plus Héiflechkeetsfloskel beschränkten Äntwerten ëmmer traureg gemaach. Haut fannen ech dat alles wesentlech méi transparent. Dat begréissen ech. Focuna.lu ass top! (Iwwregens ass och d'Säit iwwert d'Hëllefe vum Kulturministère an der Rei.) Ob et haut méi fair ass, dat moossen ech mer net un, ze jugéieren. An Diskussiounen iwwert d'Qualitéit vun engem Projet sinn ëmmer delikat, virun allem dann, wann een eppes matfinanzéiert, fir datt et iwwerhaapt emol ka gemaach ginn. Et finanzéiert ee quasi vir.

Vläit erklärt dësen „De-Phasage" och, datt een dacks d'Impressioun huet, honoréiert gi géif net den eigentlechen Akt vun der Kreatioun, vum Schafen, ma éischter seng Ëmsetzung – am Fall vu Verleeg: de Layout, d'Korrektur, den Drock, d'Promotioun, d'Diffusioun an net ze vergiessen déi affrontéiert Präisser vun de Fiduciairen. Oder stécht dohannert eng transzendental Konzeptioun vum „Gesamtkunstwerk"? (Froen: Wou bleiwen z. B. d'Sachbicher a Bicher, déi ee mat Schoule mécht, an där Konstellatioun?)

Mech huet allen Eeschts emol ee gefrot, ob ech mech mat de Bicher an eng kommerziell Richtung entwéckele wéilt. Wat soll ech soen – als Auteur hätt ech näischt géint e Publikumserfolleg an als Editeur geet et mer souwisou jo just ëm de Goss, dofir och Bichelcher à 2,99 Euro d'Stéck, déi ee richissime maachen. An d'Fro vun engem anere gudde Kolleg, wéini ech mech selbstänneg maache géing, hunn ech just mat engem Laache quittéiert … Hand op d'Häerz: D'Äntwert op d'Fro, wéi een hei am Land vun engem Verlag (iwwer)liewe kann, hunn ech nach net fonnt!

Egal. Et steet engem jo fräi, et ze probéieren oder et ze loossen. A méi wichteg wéi déi finanziell Onofhängegkeet ass jo déi am Kapp. Dofir, en guise de conclusion, en Zitat vum Walter Benjamin, dee sech jo vill mat der Konscht am Zäitalter vun hirer technescher Reproduzéierbarkeet auserneegesat huet, iwwert de „Flaneur" an d'Fräiheet vu sengem Esprit:

„Ein Rausch kommt über den, der lange ohne Ziel durch Straßen marschierte. Das Gehn gewinnt mit jedem Schritt wachsende Gewalt; immer geringer werden die Verführungen der Läden, der bistros, der lächelnden Frauen, immer unwiderstehlicher der Magnetismus der nächsten Straßenecke, einer fernen Masse Laubes, eines Straßennamens. Dann kommt der Hunger. Er will nichts von den hundert Möglichkeiten, ihn zu stillen, wissen. Wie ein asketisches Tier streicht er durch bekannte Viertel, bis er in tiefster Erschöpfung auf seinem Zimmer, das ihn befremdet, kalt zu sich einlässt, zusammensinkt."

*Chouer: Stay hungry! Keep walking!* ◆